



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture  
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung a vum Staatsminister op d'parlamentaresch Fro n°7596 vum éierbaren Deputéierten Jeff Engelen**

- 1. Hat de Landwirtschaftsminister bis elo Kenntnis dovun, datt de Léiw als nationaalt Symbol aus dem Déngschtsigel vun där genannter Verwaltung gestrach gouf respektiv gouf de Minister iwwer dës Démarche informéiert?**
- 2. Wat war an deem Kontext d'Motivatioun dofir, de Léiw aus dem Déngschtsigel ze sträichen, a wéi eng Ausso(en) ass/sinn domat verbonnen?**

Bedéngt duerch d'Grënnung vun der neier lëtzebuenger Veterinär- a Liewensmëttelverwaltung (ALVA) huet des Verwaltung op all hiren offiziellen an Aarbechtdokumenter souwéi och op den Déngschtsigelen des nei Denominatioun iwwerholl.

Laut Charte graphique vun der Regierung däerfe Ministèren, Administratiounen a staatlech Servicer de Léiw eleng net an engem ronne Stempel gebrauchen.

- 3. Sinn an deem Kontext zousätzlech Bestriewunge vun der Regierung geplangt, fir de Léiw als nationaalt Symbol aus weideren offiziellen Dokumenter, Sigelen, Déngschtsigelen a weidere representative Formulaire vu staatlechen Organer erauszehuelen? Wa jo, wat ass d' Motivatioun heifir?**

Neen.

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN